N°7788
Entrée le 17.03.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 17.03.2023

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16/03/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Finanzen weiderzeleeden.**

An der internationaler Press ass ze liesen, dass de *Credit Suisse* an eng finanziell Schiflag geroden ass a muss, wéi et schéngt, staatlech gerett ginn. D'Bank huet sech dofir bei der Schwäizer Nationalbank 50 Milliarde Franken geléint, fir liquid ze bleiwen.

Bei der Pleite vun der *Silicon Valley Bank* (SVB) ass vun der Finanzministesch gesot ginn, dass et kee Risiko fir eis Bankeplaz gëtt, well de Modell vun der SVB en anere war, et onkloer war op et iwwerhaapt Lëtzebuergesch Clientë ginn an och de Lien mat de Banken, déi hei present sinn, net wierklech grouss ass.

De Credit Suisse ass och hei am Land aktiv an de Fall schéngt fir eist Land méi relevant ze sinn, wéi bei der SVB, well de Banken-Modell ass net ee komplett aneren an et besti vill Verbindunge mat Lëtzebuerg. De Credit Suisse ass och als Member op der Lëscht A vun der ABBL opgelëscht.

An deem Zesummenhang wéilte mir der Ministesch dës Froe stellen:

1. Kann d'Finanzministesch Positioun zur aktueller Situatioun bezéien?
2. Wéi eng Verbindungen huet de Credit Suisse mat der Lëtzebuerger Wirtschaft?
3. Mat wéi engen Auswierkungen muss een rechnen?
4. Wéi wäert d'Regierung d'Leit an d'Marchéen informéieren, fir ze verhënneren, dass Panik entsteet?

Mat déiwem Respekt,

| CLEMENT Sven | GOERGEN Marc |
|---|---|
| Deputéierten | Deputéierten |